d'Lëtzebuerger Studenten zu Léck

Léck as schwéier!

Lëtzebuerger Studenten zu Léck présentéiert hier

# Lëstlé Broschür



2023-2024

# Notizen

# Inhalt


**Virwuert** 4

**Léck** 5

La cité Ardente 5

Iessen an Drénken 10

Sport 12

**Studéieren zu Léck** 14

Allgemeng 14

Universitéiten an Héichschoulen 15

**Studenteliewen zu Léck** 20

Wunnen zu Léck 20

**Nuetsliewen zu Léck** 22

Eise Stammcafé den Take-Off 22

Aner Baren a Caféen 22

Wéi eng Evenementers de net verpassen dierfs! 22

Wat gëtt gefeiert? 23

**Den ëffentlechen Transport** 24

Wéi kommen ech am beschten op Léck an erëm zeréck? 24

Wéi déplacéieren ech mech am beschten an der Stad selwer? 25

**Lëstlé - D'Lëtzebuerger Studenten zu Léck** 26

Wee si mir? 26

**Comité Lëstlé** 28

Aktivitéiten 29

Den Ënnerscheed tëscht der Lëstlé an der GDL 30

**Sponsoren** 32

**Impressum** 33

**Notizen** 34

# Virwuert

**Léif Schüler:innen a Student:innen,**



Ech sinn immens frou dëst Joer de Poste vum Präsident vun eisem Cercle kennen auszeüben. Et ass ee Posten dee vill Responsabilitéit, mee och ganz vill Spaass mat sech bréngt. Ech si mir sécher, zesumme mam ganze Comité dëst Joer ganz vill flott Evenementer an awer och Momenter wäerten ze verbréngen.

Ech war vun Ufank un zimmlech aktiv an der Lëstlé an hunn do vill nei Leit kenne geléiert. Duerch déi familiär Stëmmung déi bei eis am lécker Cercle besteet hunn ech mech direkt wuel gefillt a war mir sécher, déi fir mech richteg Studentestad eraus gesicht ze hunn. Mat der Zäit sinn aus Bekanntschaften, déi ëmmer eng adequat Äntwert op all meng Froen zur Uni oder dem Studenteliewen haten, gutt Kolleege ginn an haut sinn déi Leit wei eng 2. Famill fir mech.

D'Lëstlé ass do fir déi nei Lëtzebuerger Studenten zu Léck Wëllkomm ze heeschen an hinnen ze hëllefen sech an hirer neier zweeter Heemescht gutt kennen anzeliewen. Dat heescht souwuel op der enger Säit Äntwerten op Froen zu hirem Studiegang ze ginn, an op der anerer Säit dat schéint Léck an seng Traditioune méi no ze bréngen.

Dat ganzt Joer iwwer ass fir flott Owender gesuergt. Op dat lo op eisen traditionelle Wëllkomm Owend Fräibéier Enn September ass, en „normalen“ Stammdësch, deen ëmmer Mëttwochs am Take Off Café ofgehale gëtt, oder op anere, méi grousse Soiréeë wéi eis Niklosfeier, eis Bowling Soirée oder och nach en Tour iwwert Foire de l'Octobre mat der Partie Knuppauto, dee mir Joer fir Joer zesumme maachen. Ausserdeem gi mir heiansdo ee Fussballmatch vun eisem Veräin „Standard de Liège” kucken, an den Trampolin Park oder mol eng Ronn Karting fueren. Mir besichen awer och ëmmer rëm aner Lëtzebuerger Cerclen an hire jeeweilege Studentestied fir dann do puer flott Stonne mat hinnen zesummen ze verbréngen.

All des Aktivitéiten droen dozou bei dass d'Stëmmung am Cercle sou gutt ass, wat an enger grousser Studentestad mat ongeféier 28'000 Studenten:innen op 200'000 Awunner:innen net schuede kann. A mengen Aen ass Léck einfach déi perfekt Stad fir Studenten:innen. Engersäits ass se net wäit vu Lëtzebuerg fort, wat et engem erméiglecht all Weekend Heem ze fueren, wann een dat wëll an op der anerer Säit gëtt et och extrem vill ze entdecken, sou dass engem Zäit hei och ni laang gëtt.

Ech kann iech dofir just un d'Häerz leeën op Léck studéieren ze kommen. Déi gutt Ambiance, d'Ofwiesslung mat eisen Events, déi net ze grouss Studentestad loossen een sech schnell agewinnen an äre Choix fir Léck net bereien!

Ech wënschen iech all vill Erfolleg bei äre Studien an eng flott Zäit bei eis zu Léck!

Felix Maillet, Präsident vun der Lëstlé

# Léck

## La Cité Ardente



Lüttich – Liège – Luik ass déi zweetgréisste Stad, an d'kulturellt Zentrum vun der Wallonie. Mee virun allem ass et och eng Studentestad. Effektiv si méi wéi 10 % vun den Awunner Studenten, haaptsächlech aus der Belsch selwer, Frankräich a Lëtzebuerg. Dat erkläert dann och, firwat zu Léck ëmmer eng lass ass. Dëst besonnesch wärend der Fête de la Wallonie, der Foire d'Octobre, dem Chrëschtmaart oder dem Village Gaulois. Nieft dësen méi traditionelle Fester fir jiddereen, hunn d'Studenten dann awer och nach hier eegen Evenementer, déi een op kee Fall verpassen dierf. Wärend der Saint Nicolas am Dezember an der Saint Torè am Mäerz fënnt all Joers ee Cortège mat vill Animatioun duerch d'Stad statt.

Mee och ausserhalb vun dësen Evenementer lang- weilt een sech als Student zu Léck net. D'Stad bitt fir jiddereen eppes, sief et den Historiker oder och d'Partymaus. Léck ass eng Staat mat vill Geschicht a Kultur, d'Häerz vu senger Geschicht ass mat Secherheet d'Place Saint-Lambert mam Palais des Princes Eveques, Place du Marché mam Perron, d'Kathedral, den Torè oder Montagne de Bueren. Niewent dësen historesche Gebaier, fannt der zu Léck awer och eng Rëtsch u flotte Muséeën. Fir de kulturellen Deel wieren dann de Forum an d'Opera zoustänneg, déi d'ganzt Joer iwwer mat hire ville Virféierungen honnerte vu Visiteuren unzéien. Jiddereen dee manner u Kultur a Geschicht interesséiert ass, kann natierlech och vun der Staat profitéieren, virun allem vum Stadzentrum mat senge ville Geschäfter. A wien gemengt huet, Sonndes géif een sech zu Léck langweilen, huet sech dann och geiert, all Sonnde Moien kann een ob de Maart "La Batte" goen fir vun de lokale Produkter ze profitéieren. Zu gudder Lescht ass Léck dann och nach fir säin Nuetsliewen bekannt, besser gesot fir de Carré, et ass en Deel am Stadkär, dee fir seng vill Baren bekannt ass. Hei verbréngen virun allem d'Studenten wärend der Woch dann och méi Zäit wéi op der Uni.

## Le Perron



De Perron ass d'Zeeche vun der Stad Léck, a souguer vun der ganzer Lécker Provënz. Opgeriicht ass en op der bekannter Place du Marché, wou et vill Caféen a Restaurante ginn. Et ass déi eelste Sehenswierdegkeet vu Léck an dowéinst kann een en op all Wopen vun der Stad gesinn.



## Li Torè

Den Torè (taureau op Walloounesch) ass e wichtegt Symbol an der Geschicht vun de Lécker Studenten, a steet nach haut op den traditionnellen Studentenfester am Mëttelpunkt. Den Torè ass am Zentrum vun der Stad ze fannen an ass d'Endstatioun vum Cortège deen d'Studenten am März fir d'St Torè organiséieren.

## La Place Saint-Lambert



D'Place Saint-Lambert ass eng vun de wichtegste Plazen zu Léck. Vun dëser Plaz aus kann een de Palais St Lambert gesinn, dee fréier d'Schlass vum Bëschof a gläichzäiteg dem Prënz vun der Lécker Provënz war. Hei fuere lauter Busser, déi Léck mat aner belsche Provënzen verbanne fort. Fréier gouf et op dëser Plaz souguer eng Kathedral, déi leider vun de Lécker ausernee geholl gouf. D'Pilieren vun der aler Kathedral sinn duerch eise Sailen duergestallt.

## Tchantchès



Tchantchès ass e wallouneschen Numm, dee vun enger Marionette gedroe gëtt. Des Marionette ass och eent vun den Haaptsymboler vu Léck. Et gëtt e ganzt traditionellt Theaterstéck mat verschidde Marionetten déi d'Geschicht vum Tchantchès a vum Charlemagne erzielen. All déi Marionetten gi vir de 15. August am groussen duergestallt, well do am Quartier Outremeuse och erëm e Cortège organiséiert gëtt. De 15. August ass zu Léck e folkloristeschen Dag wou vill Leit zesumme kommen fir dat ze feieren.

## Montagne de Bueren



D'Montagne de Bueren ass net, wéi den Numm et seet, e richtege Bierg, mee éischter 374 Trepplécker, déi vum Zentrum bis op d'Zitadelle vu Léck ginn. Do trëfft d'Lëstlé sech ab und zu fir joggen ze goen. Direkt ënnen, nach am Zentrum befënnt sech d'brasserie Curtius, ee wonnerschéint Gebai wou een e gudde patt drénke goe kann.

## Aquarium

Den Aquarium leit um Quai Van Beneden an do kann een och nach e puer Klassesäll vun der Lécker Universitéit fannen. E leit direkt am Zentrum. Also ass et ganz einfach dohinner ze kommen, dowéinst ass et vir déi meescht Studenten eng Freed do Kuer ze hunn. D'Visitt vum Aquarium ass ausserdeem gratis fir all d'Studenten (Uni oder Héichschoul)



## Opéra

An dësem imposante Gebai gi vill bekannt Opere gespillt. Matzen an der Stad an direkt niewent der Place Saint-Lambert ass et ganz einfach dohin ze kommen. Tëschent der Place St-Lambert an der Place de l'Opéra ass ee grousst Akafszentrum: d'Galerie Saint-Lambert.



## Carré

De Carré ass am lécker Nuetsliewen en absolutte Must! 365 Deeg am Joer a 24 Stonnen am Dag ass hei eng lass. Am grousse Ganzen sinn et einfach véier enk Strossen, wou sech lauter Baren, Caféen, Restauranten a Kinoen nieftenee befannen. Virun allem Studenten verbréngen hei vill Zäit. Am Carré treffe sech net nëmmen Studente vu Léck an aus anere Stied, mee och erwuesse Leit ginn do e Glas drénke. De Carré ass déi Plaz , wou de Startschoss fir déi meescht Lécker Evenementer (St Nicolas, 15 août, St Torè, ...) fällt. Et muss een och wëssen dass et de Carré scho säit e puer Joerzéngte gëtt, also ass et schonn eng vun de bekannteste Plazen zu Léck, wou een onbedéngt eng Kéier a sengem Liewe goe muss.

## Cathédrale St Paul

Cathédrale Saint Paul gouf gebaut well déi al Cathédrale op der Place Saint Lambert zerstéiert gouf. Am Summer gëtt d'Plaz virun der Kathedral mat Blummer dekoréiert, am Wanter fënnt een hei eng Äispist an e puer Stänn vum Chrëschtmaart. Op der anerer Säit vun der Kathedral ass d'Place Saint Paul, eng kleng Plaz wou vill Studente sech treffen.



## Vierge Delcour

D‘Vièrge Delcour ass eng Statue, déi op der Place Cathédrale steet. D‘Legend beseet: Wann een no engem Owend am Carré do laanscht geet, da soll een e wallounescht Lidd sangen fir dass d‘Vièrge ee gutt Heem bréngt.



## Vingt août




De Vingt Août gehéiert zu der Universitéit vu Léck. Hautdesdaags sinn hei nach e puer Klassesäll ze fannen, soss haaptsächlech de Büro vun der Direktioun an alles wat Administratioun ass. D‘gelle Plack wou der virum Gebai fannt, ass een Undenken un déi Persounen déi hei wärend dem Zweete Weltkrich erschoss goufen.

## Parc de la Boverie

Dëse Park ass ee vun de schéinste Parken zu Léck an Treffpunkt vu ville Jonken. Hei gëtt et och e Konschtmusée, wou et oft Ausstellunge ginn. Et ass déi ideal Plaz fir beim Sonnenënnergang sech mat e puer Kolleegen e Béier ze gënnen.



## Médiacité

D'Médiacité ass e grousst Akafszentrum zirka 15 Minutte vum Zentrum ewech. Relativ vill Leit ginn einfach dohinner vir ze spadséieren, anerer fir ze shoppen. Et muss ee wëssen dass d'Médiacité direkt niewent der Helmo ass, also kann et och eng gutt Plaz fir Mëttegiessen ze goe sinn. Doriwwer ewech ass d'Médiacité mat der Belle île, een anert Akafszentrum (zu Angleur), dat gréissten zu Léck.




## Iessen an Drénken

D'Frenn vu guddem Iessen kommen zu Léck op kee Fall ze kuerz. Déi bekanntste Lécker Spezialitéiten sinn ouni Zweiwel d'Boulets à la Liégeoise an d'Salade Liégeoise. D'Bouletten gi mat enger liicht séisslecher Zooss zerwéiert, an der een och ganz oft Korinte fënnt. Als Bäilag ginn et Fritten an Zalot. D'Salade Liégeoise besteet haaptsächlech aus Bounen, Gromperen a Speck an ass also alles anescht wéi ee liichte Plat. Gutt traditionell Lécker Kichen, fannt der a folgende Restauranten: Amon Nanesse, Chez Philippe, Le vilain Mouton Blanc oder l'Antidote. Als klengen Dessert, fir all déi, déi et léiwer séiss hunn, proposéiere mer déi faméis Gaufre liégeoise, déi beschte kritt ee bei Pollux. Wärend der Foire d'octobre muss der dann awer och onbedéngt e puer Lacquements a Croustillons probéieren.
Bekannt ass Léck dann awer och nach fir säi Béier an de Peket, eng Aart Liqueur. Dofir ass e Besuch bei der Maison du Peket och ee Must zu Léck. Déi beschte Plazen fir säi Béier ze genéissen sinn de Beerlovers, Taverne Tchantchès et Nanesse, Le Vaudrée oder Brasserie C. Net wäit vu Léck, gëtt dann och eng vun deene bekanntste Béierzorte produzéiert, an zwar de Jupiler. Et ass déi beléiftste Béierzort bei de Studenten.



# Shape your career




At DuPont, you will have the opportunity to work on interesting and challenging projects to solve the world's most complex problems. Working at DuPont offers you the opportunity to shape your professional career in an internationally oriented company.
For our site in Contern (Luxembourg), we are actively looking for dedicated colleagues who want to help shape the success of our Tyvek® and Typar® products.

Our employees use their diverse scientific knowledge and experience to help our customers bring their best ideas to life and deliver critical innovations in key markets such as electronics, transportation, construction, water, health and occupational safety.

DuPont is a global, multi-industrial innovation leader and equal opportunity employer that helps transform industries and everyday lives with technology-based materials and solutions.

Our job openings can be found at www.careers.dupont.com (enter Luxembourg).
For more information about the company, our activities and solutions, visit www.dupont.com.

DuPont de Nemours (Luxembourg) SARL
2, rue Général Patton
5326 Contern
www.dupont.com

DUPONT™



# Sport

## Standard de Liège






Alles huet am Joer 1898 ugefaangen, wou e puer Studenten sech zesummegedoen hunn fir en neie Fussballclub zu Léck ze grennen. Mir schwätzen hei vum Lécker Standard, dee säit senger Grënnung, senge Faarwen rout a wäiss trei bliwwen ass. Et ass phenomenal, wéi séier sech de Club vergréissert huet an haut ass de Standard landeswäit den 3. gréissete Fussballclub no Anderlecht a Bruges. Säit 1954 huet de Standard 10 Championstitelen souwéi 7 mol d'Coupe de Belgique gewonnen. De sportlechen Erfolleg op nationalem Niveau erméiglecht et souguer wärend senge Studentejoren hei zu Léck deen een oder anere gréissere Match op internationaler Bün kucken ze goen.

De Standard de Liège ass en absolutten Traditiounsveräin a seng euphoresch Supporter maachen aus all Visitt am Stade Maurice-Dufrasne en Erliefnis wat een net méi sou séier vergëisst. Besonnesch eenzegaarteg beim Standard ass hiren Zesum- menhalt an dat enkt Verhältnis teschend de Spiller, dem Staf an de Fans. Dat bréngt mat sech, dass d'Ambiance am Stadion ëmmer um Héichpunkt ass. A wéi sou oft bei engem geschichtsträchtege Veräin, huet och de Standard ee bestëmmte Géigner géint deen se besonnesch gäre gewannen, den RCS Anderlecht. Et ass di eelsten a bekanntsten Rivalitéit a gëtt net fir näischt de „Classico“ vum belsche Fussball genannt.

Deen een oder anere Futtballamateur kennt och villäicht eng vun de ville Lécker Clublegenden, wéi de Guy Hellers, Jacky Beurlet, Gilbert Bodart oder de Marc Wilmots. Steven Defour, Axel Witsel, Marouane Fellaini, Mehdi Carcela oder och de Michy Batshuayi, alles Spiller déi an de leschte Joren, den Trikot vum Standard gedroen hunn an aktuell bei europäeschen Toppveräiner ënner Vertrag stinn.

Dat léisst d'Lëstlé sech natierlech net entgoen an dofir gi mir och deen een oder anere Match wärend dem Joer zesumme kucken, fir „les Rouches“, wéi se och genannt ginn, unzefeieren. Ee Match vum Standard mat engem kille Béier an enger Portioun Fritten ass also en absolutte Must fir all Lécker Student.




Schroeder & Associés
Bureau Ingénieurs-Conseils
au Luxembourg

**www.schroeder.lu**

Découvrez nos offres d'emploi :

jobs@schroeder.lu

Schroeder
& Associés

# Studéieren zu Léck

## Allgemeng

### Equivalenz vum Diplom

Fir sech an den Enseignement Supérieur an der Belsch anzeschreiwen ass eng Equivalenz vum letzebuergeschen Ofschlossdiplom obligatoresch. D'Deadline dir d'Ufro vun deser Equivalenz ass Mett Juli.

Fir des Equivalenz ze kreien hutt dir 2 Méiglechkeeten:

- Ären Dossier bis Mëtt Juli iwwert mengstudien.lu deposéieren.
Fir weider Infoen: https://mengstudien.public.lu/fr/etudier-etranger/belgique.html

- Ären Dossier zu Bréissel deposéiren oder per Post op Bréissel schécken.
Fir weider Infoen: http://www.equivalences.cfwb.be/

mengstudien.lu by MESR

MES ÉTUDES.BE Le portail officiel de l'enseignement supérieur en Fédération Wallonie-Bruxelles

| D'ORGANISATIOUN VUM STUDIENJOER | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 12 WOCHEN COURS | 2 WOCHEN LÉIEREN | EXAMEN AM JANUAR | 12 WOCHEN COURS | 3 WOCHEN LÉIEREN | EXAMEN AM JUNI |

# Universitéiten an Héichschoulen

## ULiège -Liège Uiversité

https://www.uliege.be/



D'ULiège proposéiert haut eng vun den diversifizéierten Offeren u Formatioune. 40 Bacheloren, 207 Masteren, 68 Spezialisatiounsmasteren, Doktoraten an zuelräich aner Weiderbildungen. D'ULiège offréiert d'Méiglechkeet ee personaliséierten Formatiounsprogramm ofzeleeën deen op perséinlech Projeten a Besoinen, souwéi op den aktuellen Aarbechtsmaart ugepasst ass.

Säit 1817 engagéiert sech déi aktuell Uni lo schonn an d'Wessensvermettlung an entfaalt sech international.

D'ULiège bitt awer net nëmme Formatiounen un, mee ass och engagéiert de Studenten beim bestoen a Kontakter knëppen ze hëllefen. D'Wuelfille vun de Studenten op all hire Campussen, steet op der Lécker Uni un éischter Stell.

Auslandsopenthalter, Stagen, international Kooperatiounen ginn och ugebueden. D'Uni huet och Partenariater ronderëm d'Welt.
Mee d'Unisliewe besteet jo net nëmmen aus Coursen, mee och aus den Aktivitéiten ronderëm. Hei bitt d'Uni Sport, Kultur, Fräizäit, Folklor an nach vill aner Aktivitéiten un.

LIÈGE université

### D'Uni an Zuelen:

**28 064** Studenten a Studentinnen
**23%** International Studenten
**124** Nationalitéiten
**90%** Engagéiert Studenten
**1410** Enseignanten
**1545** Méiglechkeeten fir Auslandsopenthalter
**1250** Hektar Gréngfläch
**94** Studentenassociatiounen
**62** Sportsdisziplinnen

## Fakultéiten

Architecture; Droit, Science Politique et Criminologie; Gembloux Agro-Bio Tech; HEC - Ecole de gestion d'Uliège; Médecine; Médecine vétérinaire; Philosophie et Lettres; Psychologie, Logopédie et Sciences de l'éducation; Sciences; Sciences appliquées; Sciences sociales.

Eng méi détailléiert Beschreiwung vun de proposéierten Studiegäng fannt der ënnert:
www.uliege.be

Et besteet och d'Méiglechkeet sech d'Présentatiounsbrochuren vun de verschiddenen Studien per Mail unzefroen op: info.etudes@ulg.ac.be

## Onlineaschreiwung

www.enseignement.uliege.be

Wat der braucht fir iech unzemellen:

- Carte d'identité
- Certificat médical
- Original Ofschlossdiplom vum Secondaire
- Equivalenz vum Ofschlossdiplom

## Aschreiwungskäschten

- 835€

## Opnamexamen fir de Bachelor als Ingénieur

Den Opnamexamen gëtt 2 Mol am Joer organiséiert, am Juli an am September. D'Matière fir den Examen fannt dir um Site vun den Sciences appliquées.

OPGEPASST: All Attestatioune vum Ofschlossdiplom vum Secondaire musse bis spéitstens den 1. Dag vum Examen era gi sinn.

Weider Infoen:
https://www.fsa.uliege.be/cms/c_3231988/fr/fsa-examen-d-entree

## Concours fir d'Médecine an d'Sciences dentaires (sur inscription)

Den Concours gëtt am August, sur inscription, zu Bréissel geschriwwen (15% non-résidents aus der Belge ginn opgeholl)

Weider Infoen:
facmed.uliege.be

## Tirage au sort fir folgend Branchen

(gëllt och fir Héichschoulen wann des Studien do ugebuede ginn)

- Médecine vétérinaire
- Kinésithérapie et réadaptation
- Logopédie

D'Schülerunzuel vun net Residenten (=ouni Belge Nationalitéit) ass hei op 30% (20% fir Médecine Vétérinaire) vun der Gesamtzuel vun deenen fir déi éischt Kéier ageschriwwene Schüler vum leschte Schouljoer limitéiert ginn.

Weider Infoen:
https://www.enseignement.uliege.be/cms/c_9110905/fr/etudes-contingentees

OPGEPASST: Fir folgend Studien: Médecine, Sciences Dentaires a Médecine Vétérinaire, sinn d'Plazen ab dem 1. Bachelor nach eng Kéier begrenzt. Et existéiert hei ee Concours zum Schluss vum 1. Studiejoer deen d'Weiderféierung vun dësem Studiegang späre kann.




BGL BNP PARIBAS
D'Bank fir eng Welt déi ännert

## Héichschoulen

### HEL - HAUTE-ECOLE DE LA VILLE DE LIEGE

https://www.hel.be/

Formatiounen am Beräich: Sciences de l'Educatioun, Sciences et Techniques, Sciences Economiques et de Gestion & Sciences de Logopédie.

### HECH - HAUTE-ECOLE CHARLEMAGNE

https://www.hech.be/fr

Formatiounen am Beräich: Agronomique, Biomédical, Economique, Pédagogique a technique.

### HELMO - HAUTE-ECOLE LIBRE DE MOSANE

https://www.helmo.be

Formatiounen am Beräich: Pédagogique, Paramédical, Social, Economique & Juridique an Informatique & Technique.

### ESA - ECOLE SUPERIEURE DES ARTS SAINT-LUC

https://www.saint-luc.be

Formatiounen am Beräich: Bande dessinée, Illustration, Peinture, Photographie, Publicité, Sculpture, Architecture d'intérieur, Communication visuelle et graphique, Conservation & Restauration d'oeuvres d'art, Design industriel.

### HEPL - HAUTE-ECOLE DE LA PROVINCE DE LIEGE

https://hepl.be/fr

Formatiounen am Beräich: Agronomie & Environnement, Chimie & Biotechnologie, Construction & Energie, Education & Psychologie, Electromécanique & Gestion de production, Gestion & Droit, Information & Communication, Ingénieur, Motricité, Numérique & Informatique, Santé a Social.

Haute Ecole de la Province de Liège

### ACADEMIE ROYAL DES BEAUX-ARTS

https://www.academieroyaledesbeauxartsliege.be

Formatiounen am Beräich: Peinture, Sculpture, Dessin, Gravure & Lithographie, Publicité & Communication visuelle, Illustration & Bande dessinée, Photographie an création textile.

BEAUX-ARTS DE LIÈGE
École Supérieure des Arts





LE CENTRE D'ARBITRAGE DU LUXEMBOURG

SERVICES DE RÈGLEMENT DES LITIGES

Le Centre d'Arbitrage de la Chambre de Commerce offre une alternative aux règlements judiciaires des litiges qui s'avèrent souvent longs, coûteux et peu adaptés au monde des affaires.

Le Centre d'Arbitrage du Luxembourg assure un règlement efficace et équitable des litiges commerciaux nationaux et internationaux, tant pour les particuliers que pour les entreprises du secteur privé.

> Pour aller plus loin, téléchargez ou commandez gratuitement la version imprimée du texte du Règlement d'Arbitrage en vigueur sur www.cc.lu, rubrique « Publications ».

> Disponible en français et en anglais.

FARGO

Centre d'Arbitrage du Luxembourg
(+352) 42 39 39-1 • arbitrage@cc.lu • www.cc.lu

Une initiative de : CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG

SUIVEZ-NOUS : @CCLUXEMBOURG

# Studenteliewen zu Léck

## Wunnen zu Léck

Vill Studente wunnen zu Angleur oder direkt beim Sart Tilman, mee d'Majoritéit wunnt am a ronderëm den Zentrum (z.B. bei der Gare des Guillemins, dem Boulevard d'Avroy, dem Boulevard de la Sauvenière, der Place Saint-Lambert, ronderëm de Carré, ...)

### Interessant Internetsäiten

https://kots.be
https://www.kotaliege.be
https://www.student.be/fr/kots-a-louer/
https://www.immoweb.be/en
https://ikot.be
https://skot.be/kot-liege
https://www.appartager.be
https://www.realo.be/



### Interessant FacebookGruppen

"Annonces kots appartement colocation à Liège"
"LIEGE A LOUER - bouche à l'oreille"
"Recherche kot/appartement/colocation à Liège"
"A louer Liège"

### Aner Méiglechkeeten

Du kanns awer och mam Handy duerch d'Stroossen lafen, Annonce kucken an direkt beim Propriétaire no enger Visitt froen.
Am Facebookgrupp LESTLE gi reegelméisseg Annonce vu Lëtzebuerger Studenten publizéiert. Soss kann een och regional Zeitunge wéi zum Beispill "Le Vlan" consultéieren.



## Résidence vun der  Univsersitéit

Eng Retsch vu Studenten wunnen an der Résidence vun der Uni, dem "Home", deen um Campus vum Sart Tilman situéiert ass. D'Résidence lount all Joers eng limitéiert Unzuel un Zëmmeren. Eng Demande fir eng Kummer kennt der via en "dossier de candidature" tëscht dem 1. Mäerz an dem 20. Juni virun Schoulufank am September ufroen.

Fir méi Infoen: https://www.campus.uliege.be/cms/c_9303811/fr/se-loger-en-residence-universitaire-au-sart-tilman-location-contractuelle

Ongeféier Käschten vum Loyer:
Studentewunnéng: 250€ - 385€
Studio: 450€ - 750€
Colocation: 350€ - 600€

Ongeféier Käschten vun enger Garage zu Léck:
tëschent 75€ an 125€ pro Mount

Aner Résidence:
https://www.xior.be/nl/stad/luik
https://www.studentstation.be
https://www.generation-campus.be






# Nuetslierwen zu Léck



## Eise Stammcafé den Take Off

Dir kennt eis all Mëttwoch ab 20h am Take Off fannen!
**Adresse:**
Take Off Café
9, rue du mouton blanc
4000 Liège

**Aner Baren a Caféen:**

L'Orange Givrée, Le pot au lait, La maison du Péket, La Guimbarde, Le Suki Bar, L‘Embuscade, La Brasserie C, Le Saloon, Smile, Le Saga Café, La Cours St. Jean, Le Soleil, Le Cuba‘r, L‘Aller simple, Beerlovers, Café des miracles, Le Bist'Rock...

## Wéi eng Evenementers de net verpassen dierfs!

**Ween organiséiert?**

D‘AGEL oder och nach Association Générale des Etudiants Liègeois gouf 1982 gegrënnt fir sech em d‘Organisatioun vun der Daf, mee och vun der Saint Nicolas an der Saint Torè ze këmmeren. Et gi 4 grouss Evenementer organiséiert, des wieren: de Bal des bleus, d‘Saint Nicolas, d‘Saint Torè an de Bal des Moflés. Fir d‘Saint Nicolas an D‘Saint Torè gëtt nieft de Baler zu Droixhe och nach ee Cortège duerch d‘Stad organiséiert.

**Wou gëtt gefeiert?**

Verschidden Evenementer fannen net an der Stad selwer statt, mee an engem Sall ausserhalb vu Léck. Dëse Sall ass zu Droixhe, gutt 3km vum Zentrum ewech an nennt sech Chapiteau. Zu fouss wieren dat ongeféier 45 Minutten. Mee well d‘AGEL vill Wäert op Secherheet leet, organiséiert d‘AGEL Navetten déi den Trajet vu Léck op Droixhe a vun Droixhe zréck op Léck man.





## Wat gëtt gefeiert?

**Bal Des Bleus (Oktober)**

De Bal Des Bleus ass déi éischt grouss Soirée vum Schouljoer. Ob gedeeft oder net, D'AGEL invitéiert Ufank Oktober all d'Studenten op hier Soirée. D'Event ass geduecht fir all deenen neie Studenten, de Bleuen besonnesch déi déi wëlles hunn hier Daf ze man, déi Lécker Traditiounen méi no ze bréngen an een onvergiesslече Start an een neien Liewensofschnëtt ze erméiglechen.

**Saint Nicolas (Dezember)**

D'Objektiv vun der Saint Nicolas ass et all d'Lécker Studenten an engem flotte Kader zesummenze- bréngen. Sonndes Owes ass eng Soirée zu Droixhe a Méindes ass ee Cortège duerch d'Stad, dee mat de Chants Facultaires beim Torè ofgeschloss gëtt.


**Saint Torè (Mäerz)**

D'Saint Torè sinn 3 Deeg wou nëmme gefeiert gëtt. Et ass d'Highlight vum Joer vun deene meeschte Stu- denten. D'Saint Torè cloturéiert d'Period vun de Saints. Eng Zäit wärend där all Fakultéit oder Dafcomité ee Chapiteau zu Droixhe organiséiert. D'Saint Torè ass dat lescht grouss Event virun den Examen, also absolut net ze verpassen!

**De Programm ass de Folgenden:**
Méindes: HEC Garden Party a Chapiteau
Densdes: Cortège duerch d'Stad a Chapiteau
Mëttwochs: 4H Trottinettes a Chapiteau

**Bal des moflés (Juni)**

Mam Bal des Moflés gëtt d'Unisjoer ëmmer ofgeschloss. Dëse fënnt direkt no den Exame statt an ass déi lescht grouss Soirée éier et zréck op Lëtzebuerg geet. Virum Bal des Moflés ass normalerweis nach d'Garden HEC wou d'Studenten wéi um Bal des Moflés, d'Enn vun den Exame feieren.



## Wéi kommen ech am beschten op Léck an erëm zeréck?

### Mam Zug

Hei hues de d'Wiel tëscht dem Go Pass, der Carte Train scolaire an der carte Campus. Mam GoPass kriss de 10 Trajeten fir 59€ (57€ iwwert d'app). De GoPass ass ee Joer gülteg, ka vu méi wéi enger Persoun benotzt ginn, mee huet als Desavantage dass d'Grenz net mat abegraff ass. De Virdeel vun der Carte Train an der Carte Campus ass dass d'Grenz mat abegraff ass an der dowéinst keng zousätzlech Käschten hutt. Déi zwou Kaarten dierfen nëmme vun iech benotzt ginn. D'Carte Train scolaire gëtt et als 1, 3 oder 12 Méint Abo, deen iech erlaabt den Trajet Richtung Uni an zréck an onbegrenzter Unzuel ze man. D'Carte Campus, déi 49 Deeg gülteg ass, erlaabt iech dësen Trajet 5 Mol ze man. (5 Aller + 5 Retour)

Méi Infoe op:
https://www.belgiantrain.be/de/tickets-and-railcards/campus

Mam Zug brauch een ongeféier:
Stad - Léck: 2h40
Ettelbréck - Léck: 2h10
Ëlwen - Léck: 1h30

### Mam Auto

Op Facebook fënns de eisGrupp, déi Covoiturage tëscht Léck a Lëtzebuerg ubitt: "Covoiturage Léck-Lëtz / Lëtz-Léck".

Mam Auto ass een ongeféier 1h45 ënnerwee.

### Mam Bus

Et gëtt och d'Méiglechkeet fir mam Flixbus vum Bouillon bis op d'Gare de Guillemins ze fueren. Et brauch een 2h05 an et kascht tëschent 6 bis 25€ kaschten, ofhängend vum Dag an der Auerzäit wou een fuere wëll.
De Bus E69 mëscht och reegelméisseg den Trajet tëscht Léck - Guillemins an Arel - Gare. Dir kënnt de Bus mat ären normale mobib Abonement huelen.

# Wéi déplacéieren ech mech am beschten an der Stad selwer?




De Bus ass dat prakteschst a bëllegst Verkéiersmëttel.

Méi Infoe fënns de op: https://www.letec.be oder an der Maison de la Mobilité zu Léck (Place Saint Lambert)

Net ze vergiessen: Am Zentrum zu Léck ass alles zu Fouss erreeschbar!

**Präisser?**

- Joresabo fir Studenten bis 24 Joer: 12€

- Jores- oder Mountsabo fir Studenten ab 24 Joer: 323 € / 37,10 €

- Multi 8 Trajeten: 9,20 €

- Multiflex 12 Trajeten: 14,10 €

- Ticket fir 3 Deeg: 8 €

- Daagesticket: 5,10 € am Bus a 4,20 € am Virverkaf


- 1 Trajet: 2,60 € am Bus an 2,10 € am Virverkaf

## Wee si mir?

De Cercle besteet aus ongeféier 75 aktive Memberen. De Comité, zesummegesat aus 11 Memberen, befaasst sech mat der Organisatioun vun diverse kulturellen, festlechen, sportlechen an informativen Aktivitéiten fir seng Studenten.

Mir probéieren de Studenten ze erlaben sech besser an hirem neien Ëmfeld anzeliewen a mir hëllefen hinnen nei Kontakter ze knäppen. Mir sinn ëmmer mat Spaass dobäi a leeë vill Wäert op Zesummenhalt, Oppenheet an Hëllefsbereet-schaft.

Wat d'Lëstlé dann awer och nach ausmëscht, ass dass mer Studenten aus de verschiddensten Studierichtungen regruppéieren, vu Medezin bis Ekonomie iwwer Psycho, d'Lëstlé huet kompetent Memberen aus alle Beräicher. Dëst féiert dann oft zu interessanten Diskussiounen an et léiert een ëmmer eppes Neies bäi.



Wéis de mierks si mer immens aktiv, wanns de also nei zu Léck bass oder interesséiert bass deng Studien zu Léck unzefänken, zéck net eis unzeschwätzen wanns de eis begéins.

Gäre kanns de eis och via Facebook oder op eiser Internetsäit kontaktéieren. Mir ginn dir gären Äntwerten op all déng Froen! Déi beschte Méiglechkeeten fir eis perséinlech unzeschwätzen sinn d'Foire de l'Étudiant am November, beim CEDIES am Juli oder am Mäerz beim Student fir een Dag wou mer dann och an engems déi schéinsten Ecker vun Léck weise kennen.



# Comité Lëstlé






**Felix Maillet**
Präsident
BA Psycho



**Mathilda Mathgen**
Sekretärin
BA Ergothérapie



**Catarina Freitas**
Trésorière
BA Psycho



**Lynn Hilckmann**
Responsable Activités
BA Psycho



**Gauthier Legrand**
Dafcomité - Präsident
Webmaster & Merch
BA Relations publiques



**Marion Petesch**
Responsable Sponsoring
BA Vétérinaire

# Comité Lëstlé





**Ines Lutgen**
Dafcomité - Trésorière
BA Ressources Humaines



**Rachel Martins**
Fotograf
BA Psycho



**Robine Oms**
Dafcomité -
Responsable Activités
BA Vétérinaire



**Antoine Lambotte**
Dafcomité -Responsable Floklore
BA Chimie



**Cyril Poncelet**
Dafcomité - Délégué AGEL
BA Sciences Politiques




# Aktivitéiten

Wéi virdru schon erwähnt, treffe mir eis eemol pro Woch an eisem Stammcafé, dem Take Off, wou all puer Wochen eng méi grouss Soirée organiséiert gëtt. Do feiere mer zum Beispill d'Oktoberfest, Fuesent oder mir maachen e Beerpong Turnéier.
Mee d'Lëstlé ass net nëmmen dat, et ass och Sport zesumme maachen (Lafen, Fussball, Baseball, Frisbee, etc...) an op flott Aktivitéiten goen, wéi Karting, Schlittschong fueren oder Visitte maachen.
D'Lëstlé trëfft sech net nëmmen zu Léck, mee och zu Lëtzebuerg, sief et op den Eventer vun der ACEL, wéi dem Tournoi de Noël oder dem Studentebal, souwéi op eisen eegenen Soiréeën déi mer wärend dem Joer organiséieren.
Mir ginn och zesummen op verschidden Intercerclen, dat ass d'Treffen vun aneren Lëtzebuerger Cerclen an enger bestëmmter Stad. Sou gi mer zum Beispill op Köln fir den 11.11, op Wien op hiert Saufest oder bei eis Noperen op Oochen op hire Caférallye.










## Muss ech meng Daf maachen fir Member ze ginn?

Nee! Jiddereen, ob gedeeft oder net gedeeft, ka Member vun der Lëstlé ginn. Mir wëllen heizou awer och soen, dass d'Daf eng wichteg Roll an der Geschicht vum belsche Folklore spillt an eng Erfarung ass, déi di mannst dono bereien, gemaach ze hunn. Den Dafcomité GDL besteet aus de gedeefte Comitésmemberen vun der Lëstlé. D'GDL këmmert sech ausschliisslech em d'Daf an all d'Aktivitéiten déi am Rapport zu der Daf stinn. Fir zesummenzefaassen: Fir Member vun der GDL ze ginn, muss de also gedeeft sinn, mee fir Member vun der Lëstlé ze ginn, net. Du kanns also och als net gedeefte Member dech no dengem éischte Joer zu Léck fir e Posten am Comité vun der Lestlé mellen.

## Déi berühmt berüchtegt Daf

Oft hutt der bestëmmt schonn dovunner héieren, Daf ass een Thema, laanscht dat kee belsche Student kennt. Mee firwat maachen sou vill Leit hier Daf a firwat ass se gutt? Et ass eng Joerhonnerten al Traditioun, déi et engem erlaabt an de Lécker Folklor anzedauchen. Et ass eng spilleresch Aart a Weis den neie Studenten d'Stad a seng Geschicht méi no ze bréngen. Daf ass eng Erfarung fir d'Liewen déi dir erméiglecht aus dir selwer erauszekommen an deng Limitten ze fannen. Zudeem erméiglecht d'Daf fir vill nei Leit kennenzeléieren, déi een duerch seng ganz Studienzäit begleede wäerten. Sief et Leit aus dengem Comité, wéi och ganz vill Leit aus anere Comitéen a Frëndschafte fir d'Liewen ze knäppen. Déi Gedeeften si ganz houfreg op hir Daf a Kennen dir nëmmen empfeelen se ze maachen.(Wann du dech entscheets deng Daf ze probéieren a mierks dass et näischt fir dech ass kanns du zu all Moment ophalen.) Bei der Daf geet et net nëmmen em drénken an d'Daf huet och eng Charta fir d'Sécherheet vu jiddwerengem. (Et ginn eng ganz Rei Gerüchter iwwert d'Daf an d'Majoritéit dovunner sinn och net wouer.)




1) Place Saint Lambert
2) Opéra
3) Take Off Café
4) Place du 20 août
5) Jardin botanique
6) Gare des Guillemins
7) Parc de la Boverie
8) Médiacité
9) HEC
10) Jonfosse -Hazinelle
11) Jonfosse - Rue Jonfosse
12) Rivageois
13) Helmo - ESAS
14) Institut Gramme
15) Saint Luc
16) Aquarium

# Sponsoren

SPUERKEESS

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG
POWERING BUSINESS

Schroeder & Associés

DUPONT™

südenergie

BGL BNP PARIBAS

BIL 1856

ACEL
de Studentevertrieder

# Notizen

# Impressum

## Editeur:

Lëstlé - Lëtzebuerger Studentenzu Léck a.s.b.l.

Site: https://www.lestle.net
Email: comite.lestle@outlook.com
Facebooksäit: LetzebuergerStudentenzuLeck
Instagram: letzebuergerstudentenzuleck

### Redakteren:

Legrand Sarah, Maguer Elodie, May Paul, Miller Anne, Nober Nicole, Van Hauwermeiren Julien, Weis Andy, Legrand Gauthier, Petesch Marion

### Layout an Design

Bertemes Ann & Legrand Gauthier

### Editioun

2023-2024

## Wichteg Nummeren an Adressen:

### Take Off - Stammcafé vun der Lëstlé

Rue du MoutonBlanc, 9
4000 Liège, Belgique
+32 4 237 09 39

### Orange Givrée

Rue d'Amay,2
4000 Liège, Belgique

Ambulanz: 112
Police: 101
All aner urgence médicale: 110

# ACEL- De Studentevertrieder

**Mir sinn fir dech do!**
**Virun, wärend an no dengem Studium!**

ACEL
de Studentevertrieder

## INFORMATIOUN



Mam GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT hues du all d'Infoe fir de Start vun dengem Studium. Wärend dengem Studium steet dir dann DE STUDENTEGUIDE zur Säit. De GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ hëlleft dir fir däin Wee an d'Aarbechtswelt ze erliichteren. Dës dräi Broschüren fënns du ënner: www.acel.lu/publikatiounen.

Beim STUDENT FIR 1 DAG weise mir dir deng zukünfteg Studentestad.



## REGRUPPEMENT

Mir organiséieren DE STUDENTEBAL, dee gréissten Open-Air Bal fir Student:innen, ewéi och den TOURNOI DE NOËL. Allebéid bréngen déi iwwer 40 Cerclen an hier Memberen zu Lëtzebuerg zesummen.

## REPRESENTATIOUN

Mir sinn am reegelméissegen Kontakt mat de Ministèren an vertrieden deng Rechter an Interessen. Mir probéiere fir all potentielle Studenteproblem eng Léisung ze fannen an dech beschtméiglech ze beroden.



contact@acel.lu
www.acel.lu
@acelluxembourg
ACEL - de Studentevertrieder
ACEL - de Studentevertrieder